„Ayabonga" ass en Integratiounsprojet (an Zesummenaarbecht mam MENJE, ënnert der musikalescher Leedung vum Inecc an a Kooperatioun mam Trifolion an der Gemeng Iechternach), deen awer wäit iwwert dee Kader, an deem sech sou e Projet an der Regel beweegt, erausgeet.

Dëse Projet zitt sech iwwert dat ganzt Schouljoer 2015-2016 a gëtt vun de Schüler aus der Millermoaler Schull Eechternoach zesumme mat de Schüler aus dem CED Iechternach duerchgezunn.

Den Héichpunkt vun dësem Integratiounsprojet ass d'Opféierung vum Musical „Ayabonga" de Weekend vum 08.07. bis den 10.07.2016. Dëse Musical vu Kanner fir Kanner gëtt während dësem Weekend véier Mol am Trifolion zu Iechternach opgeféiert. Am Programmheft vum Trifolion (Mäerz bis Juli 2016) kann ee liesen:

De klengen Ayabonga wunnt iergendwou a Südafrika mat sengen Eltere bei engem Bauer op enger Farm. Hien huet et net ëmmer einfach a sengem Liewen a gëtt scho fréi mat Aarbechtslosegkeet, Alkohol, Drogen a Kriminalitéit konfrontéiert. Hien war nach ni an enger Schoul. Wéi den Ayabonga a sou enger feindlecher Ëmwelt iwwerlieft a wat mat him geschitt, dat weisen d'Kanner aus der Iechternacher Millermoalergrondschoul an aus dem CED Iechternach an hirem Kannermusical „Ayabonga".

Ënnert der Leedung vun hiren Enseignanten an der INECC danzen, sangen an erziele si dem Ayabonga säi Liewenswee.

D'Geschicht vum Musical baséiert op der reeller Liewensgeschicht vum Jason Kamfer an ass als Buchform „Dem Ayabonga säi Wee" um lëtzebuerger Bichermaart publizéiert ginn.

De Jason Kamfer a seng Mentorin Christa Godfrey sinn dee Weekend selwer zu Iechternach präsent.

Den Erléis vum Musical fléisst integral an de „Bonnievale-Project asbl", e Kannerhëllefsprojet a Südafrika.

Fir dësen Integratiounsprojet hunn d'SchülerInnen aus der Grondschoul an dem CED awer net nëmmen zesummen de Musical astudéiert.

place Isidore Comes
L-6443 Echternach
Téléphone: 729234-1
Fax: 729234-222
primaire.echternach@ecole.lu

Samschdes, den 9. Juli 2016 ass ronderëm den Trifolion de ganzen Dag iwwer en afrikanescht Fest mat Spiller fir Kanner, mee och Museks- an Danzatelieren a Stänn mat afrikanesche Spezialitéiten an der Präsenz vun Organisatiounen an ONGen, déi an Afrika täteg sinn.

Fir dëst Fest virzebereeden, kachen d'SchülerInnen aus dem CED an der Millermoaler Schull dat ganzt Schouljoer iwwer zesummen a probéieren afrikanesch Rezepter aus, déi si an engem Kachbuch publizéieren. Si sangen an danzen zesummen an afrikanesche Workshops (ënnert der Leedung vum Robert Bodja), si realiséieren afrikanesch Konscht a stellen hir Wierker am Préau vum Trifolion an an den Iechternacher Geschäfter aus.

De Projet „Ayabonga", sou wéi en bis elo beschriwwe gouf, ass also net nëmmen en integrative Projet, deen Grondschoulschüler an CED-schüler zesumme bréngt, mee deen doriwwer eraus och der Vëlkerverstännegung déngt an dofir roueg als international däerf betruecht ginn.

place Isidore Comes
L-6443 Echternach

Téléphone: 729234-1
Fax: 729234-222
primaire.echternach@ecole.lu